






# Een neit Kapitel

*22 Joer sinn ech elo fir Op der Lay am Asaz. D'Zäit ass geflunn. All Projet huet mech op seng ganz spezifesch Aart a Weis gefesselt a gefuerdert. Haut sinn ech stolz a frou, dass eis Publikatioune ganz authentesch bliwwe sinn an een hinnen déi vill Aarbecht net umierkt.*
*De Gollo an dono den Eric als Verlagspartner ze hunn, war e Genoss. Oppenheet, Vertrauen a Kollegialitéit huet och eis Relatioun mat allen Acteuren aus der Chaîne du Livre gepräägt. Et deet sech eppes am Secteur an ech sinn zouversiichtlech, dat sech nei Weeër opdinn.*
*Ech soen iech all en décke Merci fir dës spannend Zäit, déi ech op kee Fall mësse wéilt. Et war wierklech all Minutt wäert an ech hoffen, eisen Asaz huet sech och fir iech gelount.*



Doris Bintner
Associée an Editrice bei Op der Lay
säit 2004

*Och wann et mir schwéier fält, lass ze loossen, sinn ech mir sécher, dass et déi richteg Entscheedung ass. Wat als Hobby ugefaang huet, fillt sech scho säit längerer Zäit wéi een zweete Job un.*
*D'Gebuert vu menger klenger Duechter den 19. September 2024 hutt fir mech natierlech alles verännert.*
*Well ech gäre méi fir meng kleng Famill do sinn an ufänke muss, och mol no mir ze kucken, hunn ech déi schwéier Decisioun geholl, meng nieweberufflech Aktivitéit am Verlag opzeginn an een neit Kapitel a mengem Liewen opzeschloen.*
*Ech soen all de Leit Merci, mat deenen ech hunn dierfen déi lescht Joren zesummeschaffe, virun allem menger Associée, dem Doris, fir all déi Bicher, déi mir an de leschte Joren zesummen erausbruecht hunn.*



Eric Steffen
Associé an Editeur bei Op der Lay
säit 2018

2026 ass d'Zäit fir eis komm,
en neit Kapitel opzeschloen.

Eise Verlag **Op der Lay** mécht
dowéinst den 1. September dëst
Joer seng Dieren zou.

Mir kucken houfreg op **33 Joer**
Verlagsaarbecht zu Lëtzebuerg
zeréck a soen iech villmools
Merci fir d'Zesummenaarbecht an
all deene Joren!

Doris Eric

Wëllt dir eis eng leschte Kéier ënnerstëtzen, sou freeë mir eis mat eisen Auteur:innen iwwert är Bestellungen.
Mir liwweren nach aus **bis den 31.Juli 2026**, duerno fannt dir eis Publikatiounen an de Librairien, de Bibliothéiken oder second hand.